ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg subventionéiert d'E-Mobilitéit mat Primmen, déi dacks iwwert deenen aus dem Ausland leien. Esou en elektrescht Gefier, dat zum Deel mat Steiersue finanzéiert gëtt, muss de Proprietär siwe Méint halen, ier hien et däerf weiderverkafen. Da gëllt et och als Occasioun, bei där hirem Verkaf keng TVA méi ufält. An deem Kontext hätt ech dës Froen:

1. Wéi vill Autoe si bis elo vum Staat subventionéiert ginn? Wéi vill Autoen dovu sinn u Betriber gaangen? Wéi vill verschidde privat Proprietären hu vun deem Programm profitéiert?
2. Wat sinn d'Subventioune fir E-Mobilitéit an d'TVA-Sätz fir esou Gefierer an deenen aneren EU-Länner? Gëtt et eng Limitt, wat Gefierer ugeet, déi eng privat Persoun däerf mat Ënnerstëtzung vum Staat kafen? Gëtt et eng Limitt oder eng Héchstzomm beim Verkafe vun Occasiounen?
3. Wéi vill vun deenen Autoe fueren zur Zäit nach op de Lëtzebuerger Stroossen?
4. Wéi vill sinn der ofgemellt an exportéiert ginn?
5. Wat sinn d'Länner, wou déi meeschten E-Autoen higaange sinn, a gëtt et en Zesummenhank mat relativ niddrege Subventioune fir E-Autoen respektiv mat héijen TVA-Sätz bei Neigefierer an deene Länner?
6. Wéi nohalteg fannen d'Madamm Ëmweltminister an den Här Transportminister et, wa mat Elektroautoen Exportgeschäfter a Profitter gemaach gi wären, déi vum Steierzueler zu engem groussen Deel finanzéiert gi sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten